ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chamberreglement) un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

Am Osten ass viru kuerzem de Standuert Munneref als Impfzentrum zréckbehale ginn. Dëst ka verkéierstechnesch Problemer fir vill Leit aus dem Oste mat sech bréngen. Och ganz allgemeng stellt sech d'Fro, ob ee Leit, déi sech wëllen impfe lossen a keen eegenen Auto dofir kënne benotzen, net sollt bei hirem Transportproblem hëllefen. Dobäi muss een natierlech och prioritär un déi eeler Leit denken, déi dacks besonnesch vulnerabel sinn.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Ass virgesinn, dës Leit eventuell mam Adapto op Munneref oder an en aneren Impfzentrum ze bréngen, wann den aneren ëffentlechen Transport ze laang dauert oder ze komplizéiert ass?
2. Kënnen alternativ an esou Fäll eventuell Taxikäschten vum Staat iwwerholl ginn, wann déi Dépense onëmgänglech ass fir an en Impfzentrum ze fueren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten